Rapport vun der Réunioun mat den Délégués-Parents vum 24. Februar 2010

Rapport vun der Réunioun mat dem Proffecomité vum 11. März 2010

Rapport mat der Direktioun vum 17. März 2010

Vun 33 Déléguéierten aus 13 Klassen haaten sech 12 Eltëren un eiser Diskussiounsronn bedeelegt.
Folgend Klassen waren vertrueden:
Am Technique: 7e STP 2 an 6 – 9e STP 1 an 5 – 10eTG1 – 12eGE1 – T2GC3 – T3GC3
Am Classique: 3e M2 – 4e CM1 an M2 – 5eCM1 an 6e M1
Vum Eltërecomité waren präsent: Wies Perry, Klein Romain, Majerus Christine, Mees Christiane, Muller Rica, Struck Karin an Weidig Dany, soumat och d'Klassen: 4CM1 – 5M2 – 3e CC1 – 9e STP1 – 12TG.

An dëser Versammlung konnt den Eltërecomité d'Madame Monique Linster an den Här Jean Huberty vum Proffecomité begréissen.
Vum Eltërecomité waren do: Perry Wies, Majerus Christine, Struck Karin, Muller Rica, Girsch Sonja, Weidig Dany an Mees Christiane

Niewt dem Här Wagner waren vum Eltërecomité do: Perry Wies, Struck Karin, Muller Rica, Girsch Sonja a Mees Christiane

No der Begréissung huet de Président de Vertrieder nach verschidden Informatiounen gin iwert:

- d'Informatiounsowender an de verschiddenen Gemengen
- d'Formatioun „Danger des médias" (vum Ministère de l'Economie et du Commerce extérieur) un déi all 7e Schüler deelhëllt a wou och den 28. Abrëll am Lycée fir d'Eltëren een Informatiounsowend organiséiert gëtt. Dës Invitatioun gëtt mat der Zensur vum 2ten Trimester verscheckt.
- D'Erklärung vum BTS (Brevet du technicien supérieur) am Génie Civil.

Themen déi ugeschwaat goufen waren:

- Op enger **13ième** ass bemierkt gin, dass d'Schüler ze **vill op sech alleng gestallt** sin **wat déi praktesch Aarbechten** ugeet. Am reng fachlechen Beräich wär awer keen Problem.

  Am leschten Joer virum Examen missten déi Schüler awer schon méi oder manner alleng eens gin. D'Proffen probéieren sie esou zur Selbstständegkeet ze erzéihen. Wann awer e Schüler e Problem mat enger praktescher Arbecht huet

muss hien selbstverständlech de Proff drop opmierksam machen wëll de Proff kann net bei all eenzelnem Schüler de Problem direkt erkennen. Et gëtt awer och leider allgemeng festgestall, dass et Schüler gin déi Problemer mat der Finesse an der Handarbecht hun.

Den Här Wagner huet esou eng praktesch Aarbecht erklärt. Am Ufang vum Trimester kréien d'Schüler e Projet fir deen sie 8 Stonnen an der Woch Zäit hun fir drun ze schaffen. Am 3ten Trimester musssen sie dee Projet ofgin a presentéieren. An esou engem Projet kann z.B. eng Renovatioun vun engem Haus gefrot gin, wou sie da mussen dat Ganzt plangen an och eventuell eng Maquette entwerfen.
Déi Stonnen gin a spezielle Säll ofgehaalen an well dat e perséinleche Projet ass, sollen sie autonom schaffen an de Proff soll do just weiderhëllefen wann d'Hëllef gefroot a gebraucht gëtt.

- Et ass gefroot gin virwaat dass **op den 12 ièmen** net schon ugefaangen gëtt mat :
  - **Info'en iwert de Fonktionnement op der 13ième**
  - **Info'en iwert d'Orientatiounsméiglechkeeten no der 13ième**
  - **e Besuch mat de Proffen während der Schoulzäit op der „Foire de l'Etudiant"**

De Président huet ob déi Fro gemengt ,dass et awer méiglech misst sin, am leschte Joer, ob dat eng 13ème technique oder eng 1ère classique ass, no der Chrëschtvakanz déi néideg Informatiounen iwert déi verschidden Méiglechkeeten seng Studien wieder ze féieren, ze kréien.
Et ass awer bemierkt, dass d'Schüler schon op 12e eng Brochüre vun der CEDIES (que faire après le Lycée) kruten souwéi och den Datum vun der « Foire de L'Etudiant » matgedeelt kruten.

Op den 12TG'en gin vum dem 3. Trimester un Examensfroen vun de Joeren virdrun duerchgeholl an et gëtt och drop opmierksam gemeet, dass wann e Schüler op eng Uni oder Héichschoul wëll goen, deen sech misst emfroen wat d'Datumer vun den Aschreiwungen betrëfft. Et sin och schon Studenten déi eng 13e ofgeschloss hun, dat Joer drop an d'Klassen kommen an do haten d'Schüler d'Méiglegkeet mat hinnen sech auszetauschen a Froen ze stellen. Wat de Besuch op der „Foire de l'Etudiant" ugeet, do hun d'Schüler d'Méiglegkeet sech am Groupe ze organiséieren an dohin ze fueren. Et muss och hei erëm drop hingewisen gin, dass an deem Alter e Schüler muss ufänken sech selwer ze informéieren an ze organiséieren. Dat Joer drop mussen sie och selbststänneg op enger Uni oder Héichschoul schaffen.

E Besuch op der „Foire de l'étudiant" mam Bus kann den Här Wagner sech net virstellen an op deenen Klassen sin d'Schüler an engem Alter wou sie selwer dat sollen entscheeden an organiséieren.

- Och ass et bedauert gin firwat op den **ieweschten Klassen (12èmen) keng Réunioun'en** mat de Proffen sin.
  De Président huet an deem Kontext informéiert, dass am nächsten Schouljoer

d'Versammlungen vun all de Klassen am Géigensatz zum 1. Trimester dësem Joer erëm mat all de Proffen ass a net nëmmen méi mam Régent vun der Klass.

Et ass esou, dass déi lescht offiziel Réuniounen op den 10ièmen respektiv den 4ièmen sin.
Déi Joeren duerno décidéiert de Régent d'Eltëren ze ruffen, z.B. huet e Régent déi Eltëren geruff wou d'Schüler Ongenügender op der Zensur haaten.
Well déi offiziel Réuniounen zimmlech am Ufank vum Joer sin, ass nach net vill iwert nëmmen den schouleschen Aspekt ze soen an esou ass et och schwéier fir d'Proffen Stellung zu alle Schüler ze huelen. Déi Versammlung sollt vum Régent genotzt gin fir nëmmen allgemeng Informatiounen ze gin oder Froen ze beäntwerten a net fir déi eenzel Fächer ze beschwätzen.

Wat d'Réuniounen vun den 10imen bis 13ièmen betrëfft, muss een bedenken dass do sech eng ganz Réih Eltëren missten weit déplacéieren well op deene Klassen d'Schüler aus dem ganze Land vertrueden sin. Och sin d'Schüler an deenen leschten Klassen groussjähreg an do kommen net onbedingt d'Eltëren nach an d'Réuniounen.
Am Fall wou et e Problem gëtt oder Informationen gebraucht gin, kënnen d'Eltëren zu jidder Zäit mat den Proffen a Kontakt trieden.

- Fir déi Schüler op **4ième déi sech nächst Joer fir eng Sektioun mussen entscheeden:**
  - waat d'Schoul vun Informatioun fir déi richteg Wiel un d'Schüler an un d'Eltëren weider gëtt
  - bis wéini een sech muss fir eng Sektioun entscheeden

Den Eltërecomité huet drop hingewisen, dass een eng Entrevue mam SPOS a mam Régent fir d'Eltëren hëllefräich wier.

Am 3. Trimester steet eng Recommandatioun vum Conseil de Classe op der Zensur an fir op waat fir eng Sektioun Critèren erfëllt sin a kréien och am leschten Trimester d'Formulairen fir sech anzeschreiwen. Am Fall wou sie d'Gebäi verloossen mussen sie sech bei aaneren Lycéen renseignéieren wou déi verschidden Sektiounen ugebueden gin a sech do aschreiwen. Fir de richtege Choix stin am SPOS „professeurs orienteurs" zur Verfügung.

Et war eng Informatiounsversammlung virun Chrëschtdag fir d'Eltëren. Nach virun der Ouschtervakanz gin d'Schüler no hirer Orientatioun vun der Sektioun gefroot an op der Zensur vum 2. Trimester steet e Préavis drop.

- Eng Mamm huet hier Kanner wat d'Zwillingen sin op 2 verschidden 7ièmen. Allen zwee hun Probleemer mat der däitscher Sprooch (sin Francophonen). An der enger Klass kritt dat eent Kand **Nohëllef** vum Proff mee an der aanerer Klass get dat net ugebueden. D'Fro ass gestallt gin firwat eng Nohëllef net automatesch ugebueden gëtt.

D'Mamm soll sech nach eng Kéier un de Proff oder de Régent wenden an am Fall wou dat näischt brengt, sech un de SPOS wenden.

Den Här Wagner wärt mat dem Proff schwätzen an sech informéieren.

- Eng Mamm war besuergt, dass vill Schüler vun den 7ièmen schons **fëmmen,** obschon d'Schoul mat Kampagnen dogéint ugeet.
  De Président vum Eltërecomité huet ernimmt, dass de SPOS eng „Note concernant le tabagisme » erausgin huet wou verschidden Moosnahmen ergraff gin am Fall wou e Schüler beim Fëmmen ertappt gëtt.

  D'Schoul ënnerhëllt schon villes am Virfeld mee et ass schwéier duerno permanent an iwerall d'Kontrollen duerchzeféieren. Och missten d'Elteren doheem hier Kanner schon méi fréi sensibiliséieren.

  Et gëtt ganz vill ënnerholl, de SPOS z.B. mecht z.B. Interviewen mat de Fëmmerten a probéiert esou dogéint unzegoen mee soulaang et leider Eltëren gin déi hiire Kanner d'Zigaretten kaafen, ass et ganz schwéier bei deenen Jugendlechen ze intervenéieren.

- Et ass bemierkt gin, dass et fir d'Schüler net ëmmer méiglech ass all hir **Bicher** um Ufank vum Joer ze hun. D'Proffen soen hinnen an den éischten Stonnen Bescheed wat fir Bicher musse kaaft gin an oft sin déi an de Librairie'en schon vergraff an et dauert Wochen bis een se kritt. Mei einfach wär et, dass d'Schüler villäicht schon an der Vakanz eng Lëscht mat de Bicher kréien.

  Um Site vun „myschool.lu" stinn schon an der grousser Vakanz d'Lëschten mat den obligatoreschen Bicher drop an et kann een déi da schon bei de Librairien, déi iwregens och déi Lëschten hun, da schon bestellen. Et gin bestëmmten Bicher wou Librairien kee Stock hun well dat Bicher sin déi net onbedingt um Programm stin. Déi mussen dann bestallt gin an et kann sin, dass dat dann méi laang daueren kann.

  Am leschten Schouljoer sin mat der Zensur vum 3ten Trimester an all Klass vum Classique (7e bis 5e) an op den 7en, 8en a 9en vum Technique ,Lëschten matt de Bicher fir d'Haaptfächer, gescheckt gin.

- D'Fro ass gestallt gin ob am Lycée zu Mamer d'Schüler vum **„modulaire"** zesummen mat de Schüler vum technique an enger Klass sin oder op de modulaire eng eegen Klass huet. Allgemeng sin d'Ennerscheeder vun **modulaire, adapt** an **technique** net ganz kloer fir d'Eltëren.

  D'Klassen vum Modulaire (7e bis 9e) sin vum Technique getrennt. Déi Klassen hun en eegene Programm a gin vun Schoulmeeschteren déi speziell forméiert sin gehaalen. Och hun déi Schüler an den Haaptfächer de selwechten Schoulmeeschter. Et besteet a gewëssen Fäll d'Méiglechkeet an den Technique ze wiesselen.
  Den „adapt" ass eng Orientatioun tëschend dem Modulaire an dem Technique a gëtt zu Mamer net ugebueden. Déi Schüler déi op en adapte orientéiert gin, kommen op eng 7eST oder mussen sech fir en aanere Lycée entscheeden.

  Den Här Wagner huet dozou folgend Erklärung gin: et huet een no der Orientatioun am 6. Schouljoer 3 Méiglechkeeten: de 7e secondaire classique, den secondaire technique an de modulaire (préparatoire).
  Den Adapte ass déi Klass déi virun de Joeren 92/93 an de Gemengen een 7. Schouljoer

war an seitdeem dem Schoulministère ënnersteet.
Och huet den Här Wagner bemierkt, dass verschidden Eltëren net gär hun, dat hiirt Kand an de Modulaire orientéiert get. Et ass awer oft besser, wann de Schüler direkt an de préparatoire/modulaire op eng 7e geet, wëll oft sin déi Schüler um Technique iwerfuedert. Si machen am préparatoire/modulaire e gudde Wee.

- Verschidden **Bänken am Schoulhaff** sin ewech geholl gin an et ass gefrot gin wéini déi erëm op d'Plaatz kommen.

  Déi Bänken gin installéiert wann et net méi fréiert .

- Den Eltërecomité huet nach nogefrot:

- Wei d'Kommunikatioun tëschent den Proffen an den Eltëren op ass an do waren vun den Délégué'en aus keng Problemer ze vermierken.

Den Eltërecomité huet den Déléguéierten Merci gesot fir hirt d'Kommen an d'Matschaffen.

Den Eltërecomité huet der Madame Linster an dem Här Huberty Merci fir d'Gespréich an hiert Engagement gesoot.

D'Memberen vum Eltërecomité hun dem Här Wagner Merci gesoot fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht.